N°820
Entrée le 30.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.05.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Den Office national de l'enfance (ONE) ass eng Verwaltung, déi sech fir de Jugendschutz hei am Land asetzt. Den ONE schafft selwer u Projeten an ënnerstëtzt och aner Prestatairen am Beräich vum Jugendschutz. Heifir bezilt den ONE senge Prestatairë fir d'Ausféierung vu verschiddene Servicer Suen aus.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Organisatiounen hu vun 2019 bis 2023 Sue vum ONE krut a wéi vill?
2. Fir wéi eng extern Servicer huet den ONE tëscht 2019 an 2023 pro Joer am meeschte Suen investéiert?
3. Kann de Minister eng Oplëschtung maache vun allen Ausgaben (Budgetsposten), fir déi den ONE Suen un d'Acteuren um Terrain ausbezilt?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 820 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori**

Den Office national de l'enfance (ONE) ass eng staatlech Verwaltung, där hir Roll et ass, Kanner, Jugendlecher, jonk Erwuessener a Famillen, déi Schwieregkeete begéinen, ze schützen an hinnen ze hëllefen. D'Aarbecht baséiert an éischter Linn op de Prinzippie vun der Präventioun, der Protektioun, der Hëllef an der Ënnerstëtzung. D'Wuel vum Kand am Bléck, proposéiert den ONE hinnen eng Hëllef un, déi un déi individuell Situatioun vun de Famillen ugepasst ass, an déi e positiven a laangfristegen Impakt op d'Familljesituatioun huet.

D'Hëllefsmoossname, déi den ONE ausschafft, baséieren an der Reegel op eng fräiwëlleg Zesummenaarbecht vun de Familljen oder si vun de Geriichter ordonéiert.

D'Mesuren hunn awer ëmmer als Zil:

- all Menace géint déi physesch, mental, psychesch a sozial Entwécklung vum Kand, Jugendlechen oder jonken Erwuessenen ze verhënneren;
- d'Kand vun all physescher a moralescher Gefor ze schützen;
- de Risk vu sozialer a professioneller Exklusioun ze vermeiden.

Et kënnen ambulant, semi-stationär oder stationär Mesurë sinn.

**Ad 1)**

D'Mesurë ginn net vum ONE selwer ëmgesat, mee vu Prestatairen, déi am Beräich vun dem Kanner- a Jugendschutz täteg sinn. Dëst si virun allem privat Träger, déi als juristesch Form eng Asbl oder eng Fondatioun sinn. Den ONE ass awer och fir d'Exekutioun vun de Mesuren op d'Matwierke vu Prestatairen ugewisen, déi als Independant schaffen oder de Statut als Fleegefamill hunn.

Déi integral Lëscht vun de Prestatairen ass op dem Internetsite vum ONE (https://www.officenationalenfance.lu) ënnert der Rubrik *Soutien & Accompagnement* erëmzefannen. Dës Lëscht gëtt a reegelméissegen Ofstänn aktualiséiert.

Am Zäitraum 2019-2023, huet den ONE insgesamt 651.920.372 € u seng extern Prestatairen ausbezuelt.

**Ad 2)**

Den ONE huet verschidde Methoden, fir dës Mesuren ze finanzéieren. Dëst si virun allem "forfaits horaires" respektiv "forfaits journaliers". Déi entspriechend Forfaiten an Indemnitéite sinn an der Annex 11 vum *Règlement grand-ducal du 2 avril 2021 modifiant le règlement grand-ducal modifié du*

*17 août 2011 précisant le financement des mesures d'aide sociale à l'enfance et à la famille* festgehalen.

Tëscht 2019 an 2023 huet den ONE déi meeschte Suen fir follgend Prestatiounen am Beräich vun de "Forfaits journaliers" ausbezuelt:

*Forfait journalier pour l'accueil socio-éducatif de jour et de nuit d'après la formule d'accueil de base*

*Forfait journalier pour l'accueil socio-éducatif de jour et de nuit d'après la formule d'accueil orthopédagogique*

*Forfait journalier pour l'accueil socio-éducatif de jour et de nuit d'après la formule:*

- d'accueil psychothérapeutique
- d'accueil urgent en situation de crise psychosociale aiguë
- d'accueil d'enfants de moins de trois ans
- d'accueil psychothérapeutique limité aux périodes scolaires
- d'accueil dans un petit groupe

*Forfait journalier pour l'accueil socio-éducatif de jour dans un:*

- foyer orthopédagogique
- foyer psychothérapeutique
- foyer psychothérapeutique limité aux périodes scolaires

Vun 2009-2013 war dat en Total vun 309.766.783 €.

**Ad 3)**

D'Opléschtung vun allen Ausgaben (Budgetsposten), fir déi den ONE Suen un d'Acteuren um Terrain ausbezilt, sinn an deem ugespéngelten Dokument ze fannen.

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

| Année | 11733001 | 11733005 | 11733008 | 11733009 | 11733011 | 11734012 | Total |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Participation de l'État aux frais des mesures d'aide à l'enfance par des forfaits journaliers et horaires définis par l'article 15 de la loi du 16 décembre 2008 aux points 1, 6, 8 et 9 pour des mineurs non accompagnés demandeurs de protection internationale (Crédit non limitatif et sans distinction d'exercice) | Participation de l'État aux frais des mesures d'aide à l'enfance par des forfaits journaliers définis par l'article 15 de la loi du 16 décembre 2008 aux points 1,2,3 et 6 (crédit non limitatif et sans distinction d'exercice) | Participation de l'Etat aux frais des mesures d'aide à l'enfance par des forfaits horaires définies à l'article 15 de la loi du 16.12.2008 aux points 7, 10, 11, 12, 13 et 14 (Crédit non limitatif et sans distinction d'exercice) | Participation de l'Etat aux frais des mesures d'aide à l'enfance par des forfaits horaires définies à l'article 15 de la loi du 16.12.2008 aux points 8 et 9 (Crédit non-limitatif et sans distinction d'exercice) | Participation de l'Etat aux frais d'indemnisation des familles d'accueil par des forfaits journaliers (Crédit non-limitatif et sans distinction d'exercice) | Contribution aux mesures d'accueil à l'étranger de mineurs ou de jeunes adultes en détresse psycho-sociale (Crédit non-limitatif et sans distinction d'exercice) | |
| 2019 | 3 321 520 | 57 610 560 | 4 439 413 | 30 154 498 | 6 689 783 | 11 366 839 | **113 582 613** |
| 2020 | 4 573 030 | 58 420 948 | 4 569 947 | 31 644 228 | 6 809 104 | 9 521 931 | **115 539 188** |
| 2021 | 5 122 589 | 57 226 004 | 5 616 445 | 34 928 380 | 6 836 171 | 8 840 426 | **118 570 015** |
| 2022 | 9 102 769 | 62 932 638 | 6 497 213 | 40 906 850 | 7 177 386 | 9 311 308 | **135 928 164** |
| 2023 | 20 526 080 | 73 576 633 | 8 588 705 | 48 758 437 | 7 575 115 | 9 275 422 | **168 300 392** |
| Total | **42 645 988** | **309 766 783** | **29 711 723** | **186 392 393** | **35 087 559** | **48 315 926** | **651 920 372** |
| Variation 2019-2023 | 518% | 28% | 93% | 62% | 13% | -18% | |